N° 6711
Entrée le 25.08.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 25.08.2022

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister an d'Madamm Finanzminister weiderzeleeden.

De 25. August war am Quotidien ze liesen, datt de Präis vum Gas zu Lëtzebuerg bis zum Enn vum Wanter ëm 90 Prozent klamme soll. Haushaltscliente musse schon am Oktober mat Präissteigerungen vun 80 Prozent rechnen. Bis de Januar 2023 sollen ausserdeem d'Stroumkäschten ëm bis zu 35 Prozent klammen, wärend d'Reduktioun vun den Accisen um Mazout vu 7,5 Cent de Liter den 31. Dezember soll auslafen.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

1) De Wanter fänkt am Kalenner réischt den 21. Dezember un. Kéint d'Regierung sech virstellen, d'Reduktioun vun den Accisen um Mazout bis den Ufank vum Fréijoer am Kalenner, den 21. Mäerz 2023 ze verlängeren?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

N°6711
Entrée le 28.09.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Gemeinsam Äntwert vun der Finanzministesch Yuriko Backes a vum Energieminister Claude Turmes op d'parlamentaresch Fro n°6711 vum 25. August 2022 vum éierewäerten Deputéierte Fred Keup iwwert d'"Prolongation de la remise sur le mazout".

D'Regierung huet sech zesummen mat den dräi Gewerkschaften OGBL, LCGB an CGFP, souwéi dem Patronat den 20. September 2022 op en historeschen Tripartite-Accord gëeenegt, fir de Problem vun der Inflatioun unzepaken. Dëst gëtt doduerch erreecht, datt d'Energiepräisser konsequent fir d'Léit ofgebremst ginn.

D'Hausse vun de Gaspräisser wäerten op e Maximum vun 15% par Rapport zum 30. September 2022 ofgebremst ginn. D'Elektresch-Präisser wäerten op den Präis vum 30. September 2022 ofgebremst ginn, an e ganze Pak vun Mesuren fir d'energetesch Transitioun ze acceleréieren, op de Wee bruecht ginn.

Een weidert Resultat vun de Verhandlungen an der Tripartite ass, dass d'Remise um Masuttspräis vun 7,5 Cents pro Liter, déi den 31. Dezember dëst Joer ausleeft, bis den 31. Dezember 2023 verlängert gëtt. Zousätzlech gëtt d'Remise vun 7,5 Cents pro Liter ab November ob 15 Cents pro Liter eropgesat.

Donieft gëtt eng Mesure fir d'Präiss-Hausse bei den Pellets ofzefiederen, ausgeschafft.

Lëtzebuerg, den 28. September 2022

D'Finanzministesch

(s.) Yuriko Backes